N°141
Entrée le 29.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.12.2023
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 29. Dezember 2023

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

A verschidden europäesche Länner kann d'Justiz a Fäll vun haislecher Gewalt eng elektronesch Foussfessel ordonéieren, dat fir ze verhënneren, datt den Täter sengem Affer onerlaabterweis ze no kënnt an et aggresséiert oder esouguer ëmbréngt. Duerch des Mesure kann engersäits verhënnert ginn, datt et zu Recidive kënnt. Op der aner Säit géif d'Affer sech méi sécher spieren. Länner wéi Spuenien oder Frankräich hunn an de leschte Jore bei haislecher Gewalt gutt Erfarunge mat der elektronescher Foussfessel gemaach. Laut Medieberichter ass beispillsweis a Spuenien zanter der Aféierung am Joer 2009 keng Fra ëmbruecht ginn, wann den Täter eng Foussfessel hat. Ech wollt dofir follgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen.

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Fäll vun haislecher Gewalt an de leschte fënnef Joer hei zu Lëtzebuerg entwéckelt a wéi léisst sech des Entwécklung erklären?
- An wéi vill Fäll handelt et sech ëm Widderhuelungstäter?
- Wéi vill Frae goufen an de leschte 5 Joer vun hire Partner respektiv Ex-Partner ëmbruecht?
- Ass d'Regierung gewëllt, déi entspriechend Gesetzer ze adaptéiere, fir datt d'Geriicht a Fäll vun haislecher Gewalt kann eng Foussfessel ordonéieren, fir esou ze verhënneren, datt den Täter sengem Affer ze no kënnt?
    - Wa jo, wéi kéint des Reglementatioun kommen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°141
Entrée le 29.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 141 vum 29. Dezember 2023 vun der honorablen Deputéiert Madamm Nancy ARENDT, ép. KEMP**

**Ad 1)**

Aus dem Rapport vum Comité de coopération entre professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence vum Joer 2022, ginn follgend Zuelen iwwert d'Police Interventioune an Expulsioune am Kader vu haislecher Gewalt eraus :

| Joer | Police Interventioune | Expulsioune |
|---|---|---|
| 2018 | 739 | 231 |
| 2019 | 849 | 265 |
| 2020 | 943 | 278 |
| 2021 | 917 | 249 |
| 2022 | 983 | 246 |

Wat d'Jugementer vun haislecher Gewalt ugeet, ginn aus de Rapporte vum Comité violence follgend Zuelen eraus :

2018 : 155 Jugementer
2019 : 148 Jugementer
2020 : 129 Jugementer
2021 : 162 Jugementer
2022 : 153 Jugementer

Laut dem Tableau gouf tëscht 2019 an 2020 eng däitlech Hausse vun de Police Interventiounen enregistréiert. Dat kann dorunner leien dass ab 2020 wéinst der Covid Pandemie verschidde Mesurë vun der Regierung geholl goufen, dorënner och de Lockdown, déi d'Konflikter am Stot erhéicht kënne hunn. Dëst kann och d'Erhéijung vun de Jugementer am Joer 2021 verursaacht hunn. Anersäits gouf et bei den Expulsiounen keng substanziell Hausse, wat schléisse léisst dass et éischter eng Hausse vun de Konflikter an de *violences légères* war an net vun der méi uerger Violence.

Déi meeschte Police Interventioune gouf ët 2022. Verschidde Facteuren kënnen dës Entwécklung erklären, wéi zum Beispill den Impakt vun de verschiddenen Campagnen an Informatiounsaktivitéiten déi de grousse Public sensibiliséieren an ureegen d'Police ze ruffen.

**Ad 2)**

Leider erméiglecht d’Datebank JUCHA déi gefroten Zuelen net eraus ze zéien.

**Ad 3)**

Hei drënner sinn d’Zuelen vun de Fraen déi vun hirem Partner ëmbruecht goufen :

2018 : 2
2019 : 2
2020 : 0
2021 : 0
2022 : 2

**Ad 4)**

Et sief bemierkt, dass d’Foussfessel schon haut am Code de procédure pénale am Kader vum Contrôle judiciaire virgesinn ass (Art. 107 vum CPP). Dëse Contrôle judiciaire mat Foussfessel ka vun der Chambre du Conseil vun de Bezierksgeriichter a vun der Cour d'appel oder vum Untersuchungsriichter ordonnéiert ginn. D’Foussfessel kann och am Kader vum Strofvollzuch vum Procureur général, bzw. vu séngem Délégué fir de Strofvollzuch, ënner verschiddene Konditiounen ordonnéiert ginn (Art. 688 vum CPP).

Wéi et de Koalitiounsaccord 2023-2028 virgesäit, wäert de legalen an technesche Kader ronderëm d‘Foussfessel, ënner anerem d‘Foussfessel mat GPS-Funktioun, analyséiert ginn fir dass déi néideg Upassunge kënne geplangt ginn.

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue